- wëllen aktiv un der Energietransitioun an der Regioun matmaachen,
- sech fir eng ökologesch Investitiounsméiglechkeet interesséieren, wou déi zougewise Suen an déi lokal Projeten eng signifikativ Plus-value um wirtschaftleche Plang schafen,
- léiwer a Gemeinschaft mat aneren interesséierten Acteuren aktiv si wéi eleng.

## Firwat sech an der Cooperative aschreiwen?

- Fir lokal propper Energieproduktioun z'erméiglechen
- Fir d'Regioun méi energeetesch onofhängeg ze maachen
- Fir ökologeschen, sozialen a finanzielle Méiwäert ze schafen
- Fir géint de Klimawandel ze handelen
- Fir ökologesch, sozial an nohalteg ze investéieren

## E puer technesch Informatiounen zur Solaranlag – Sportshal Briddel

- Installéiert Leeschtung: 165,2 kW (413 Moduler vu jeeweils 400 Watt)
- Moduler: Soluxtec
- Orientatioun: Süden
- Mat enger spezifescher Joresproduktioun vun 930 kWh/kWp gëtt sech eng Produktioun vun 153.636 kWh pro Joer erwaart.
- Domat kann de Stroumbedarf/Joer vu ca. 38 Stéit gedeckt ginn.
- De Projet soll sech an 12 Joer amortiséieren, wat engem Taux vun 1,63% op 15 Joer entsprécht.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

LEADER Lëtzebuerg West

Fonds européen agricole pour le développement rural





## Wëllt Dir Member vun der Cooperative ginn?

Matmaachen ass méiglech ab 100€.
Fir méi Informatiounen, besicht d'Websäit: www.ecoop-west.lu

## Kontakt

**Regional Energie Cooperative – LEADER Lëtzebuerg West**

621 140 002

info@ecoop-west.lu



ËMWELT &
MOBILITÉIT

# Stroosse-sëcherungsaarbechten






Text a Fotoen: Bëschverwaltung Koplescht

Am Wanter 2023-2024 sinn eng sëlleg Stroossesëcherungsaarbechten duerch d'ANF duerchgefouert ginn. Hei sinn haaptsächlech Beem fort geholl ginn déi geféierlech waren. Déi meescht dovunner ware schonn ofgestuerwen oder krank. Anerer hounge staark iwwert d'Strooss, esou dass se eng Gefor duergestallt hu fir d'Benotzer vun der Strooss.

Duerch d'Aarbechten ass d'Sécherheet fir d'Autosfuerer, Motocyclisten, Cyclisten, Spadséiergänger elo garantéiert. Accidenter kënnen och doduerch verhënnert ginn.

D'Stroossen an d'Strecken déi vun den Aarbechte betraff waren :

- Koplescht-Katrewang
- Koplescht-Mamer
- Koplescht-Briddel
- Koplescht-Schëndels
- Koplescht-Kielen
- Koplescht-Keespelt
- Rue Bellevue
- Rue des Tilleuls
- Rue Schmitz

Wat geschitt op de Plaze wou vill Beem fort geholl goufen?

Op de betraffe Plaze gi jonk Beem an Hecke geplanzt an et gëtt och drop opgepasst dass et verschidde Bamaarten si fir d'Biodiversitéit ze fërderen an ze erhéijen.

**Kontakt**

**Daniel Steichen, Préposé de la nature et des forêts**

daniel.steichen@anf.etat.lu

247 567 06 / 621 202 116



# AKTIOUN PÄIPERLEK 2024




SICONA Naturschutzsyndikat

GRATISPAKET MIT SCHMETTERLINGSSTAUDEN
FÜR IHREN GARTEN!

Im Rahmen der Aktioun Päiperlek hat SICONA sechs Stauden aus biologischem Anbau ausgewählt, die einen besonderen Wert als Nektarpflanzen für Schmetterlinge und andere Insekten haben. Sie können diese Pflanzen **ab dem 8. April** als gratis Staudenpaket auf **www.sicona.lu** reservieren**.** Achtung, die Staudenpakete sind begrenzt: **first come, first served**. Die Verteilung erfolgt Anfang Mai von **17:00 Uhr bis 19:30 Uhr** an folgenden Standorten:

- **07.05.2024:** Schifflingen, Parkplatz Hall Polyvalent, 1A, Chemin de Bergem
- **07.05.2024:** Bissen, Parkplatz Hall Frounert, 10, rue de la Laiterie
- **07.05.2024:** Olm, Festsaal, 10, rue de Capellen

Und vom **08. – 10.05.2024**, von **8:00 – 12:00 Uhr** und **13:00 – 16:30 Uhr**, in den Bürogebäuden von SICONA in Olm.




DIESES BEET KÖNNTE EINEN PLATZ
IN IHREM GARTEN FINDEN!

**ACHTUNG:** Dieses Angebot richtet sich nur an die Bewohner der **SICONA-Mitgliedsgemeinden.** Bei Restbeständen können auch Bewohner aus Nichtmitgliedsgemeinden das Paket gegen Bezahlung erhalten.

# Nature for People
# People for Nature

SICONA Naturschutzsyndikat















**D'Gemeng Koplescht an de SICONA**

**invitéieren op een**

## Fréijoerstrëppeltour –
## Ënnerwee am Bësch an um Feld

**27.04.2024** **14:00**

**„Am Uwänner", Koplescht - http://g-o.lu/3/2lPN**

Zesumme maache mir eis op een zirka 3km laange Spadséiergang duerch d'Natur an der Kopleschter Gemeng. Dëse féiert duerch Bësch, iwwert Felder a mir wäerte bei verschiddenen naturschutzrelevanten Fläche laanscht kommen, wou mir dann ee Stopp aleeën an déi typesch Flora méi no kenneléieren. Mat e bësse Gléck fanne mir och Fréijoersbléier a héieren deen een oder anere Vugel ee Lidd ustëmmen.

Den Tour dauert ca. 2 Stonnen. Ditt wgl. dem Wieder ugepasste Gezei a bequeem Tréppelschong un. D'Explikatioune sinn op Lëtzebuergesch.

Umeldung: administration@sicona.lu / 26 30 36 25.

*Dëse Projet gëtt vum Ministère fir Klima, Emwëlt a Biodiversitéit ënnerstëtzt.*

**La commune de Kopstal et SICONA**

**vous invitent à une**

## Randonnée printanière à travers la forêt et les champs

**27.04.2024** **14:00**

**„Am Uwänner", Kopstal - http://g-o.lu/3/2lPN**

Ensemble nous allons partir pour une petite randonnée de 3 km à travers la nature de la commune de Kopstal. Nous traverserons la forêt et les champs et découvrirons des zones d'importance pour la protection de la nature. Nous observerons de plus près leur faune typique. Avec un peu de chance, nous trouverons des plantes en floraison et entendrons le chant de l'un ou l'autre oiseau.

La randonnée dure environ 2h. Amenez des vêtements adaptés à la météo et des chaussures de marche confortables. Les explications se feront en luxembourgeois.

La randonnée dure environ 2 heures. Venez avec des vêtements adaptés à la météo et des chaussures de marche confortables. Les explications se font en Luxembourgeois.

Inscription: administration@sicona.lu / 26 30 36 25.

*Ce projet est soutenu par le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité.*

AKTIVITÉITEN & KULTUR

# Presentatioun APE - Elterevereenegung Briddel-Koplescht

Text: APE - Fotoen: Max Staus, Heng Nilles

## D'APE stellt sech fir!

D'Assocation des parents d'élèves, kuerz APE genannt, ass 1999 gegrënnt ginn. Mir sinn eng Elterevereenegung a setzen eis säitdeem konsequent fir d'Interessie vun den Elteren a Schüler vun der Briddeler Grondschoul an. An enker Zesummenaarbecht mam Léierpersonal mee och mat der Gemeng, bedeelege mir eis aktiv un all den Aktivitéiten déi d'Entwécklung vun eise Kanner fërdere sollen. Zousätzlech hu mir ëmmer een oppent Ouer fir Doleance ronderëm de Schoulcampus oder bei anere Froen, wéi z.B. fir nei Residenten déi de Schoulsystem nach net kennen. Dëst ass natierlech just méiglech, dank enger laanger Traditioun vu gudder Zesummenaarbecht a fréndschaftlechem a konstruktivem Dialog, sief et mam Léierpersonal, der Maison Relais, der Maison des Jeunes oder der Gemeng. Mir sinn awer och houfreg duerch déi gutt Zesummenaarbecht de Kanner vun der Briddeler Grondschoul eng ganz Rei Aktivitéite wärend dem ganze Schouljoer ubidden ze kennen.

D'Elterevereenegung ass eng Vereenegung, déi haaptsächlech aus Eltere besteet déi sech benevole engagéieren, ënnert anerem awer och vu Cotisatiounen, Memberskaarten, Donen a vum Benefice vun den Eventer lieft.

## Aktuell Veranstaltungen

- Kannerfuesbal
- Chrëschtmaart
- Schoulfest
- Boum Cycle 4.2 am Jugendhaus

## Zukünfteg Veranstaltungen

- Sprangschlass Festival
- Kloterparcours & Vélosparcours
- Floumaart & Tauschmaart

## Membere vum aktuelle Comité

- M. Ronny KETTMANN President
- Mme. Géraldine WELKENBACH Sekretärin
- M. Thierry WIWINIUS Tresorier
- M. Jean Claude BOREIKO
- M. Georges CLEES
- Mme. Jackie LAUX
- Mme. Betty CRAVATTE
- Mme. Sophie ROSSY

## D'APE ënnerstëtzen oder Member ginn

Fir weiderhin Aktivitéiten ubidden ze kënnen, freet sech d'Elterevereenegung natierlech iwwer all Ënnerstëtzung:

IBAN LU45 0023163211621900

D'Memberskaart kascht 15€.

Et kann een sech och als neie Member engagéieren, an op eis Assemblée Générale kommen a sech fir de Comité mellen. Fir déi Leit déi awer léiwer am Hannergrond matschaffen/matwierken an éischter op den Eventer heiansdo ee Kuch oder déi eng oder aner Kéier eng Hand mat upake wëllen, si mir natierlech och immens dankbar.

Mir wëllen heimadder och nach eng kéier dem ale Comité Merci soe fir hir fantastesch Aarbecht an de leschte Joren, a freeën eis op déi nei Projete mat enger neier Ekipp.

## Kontakt

Wann dir gäre Member gitt oder weider Froen hutt, kennt dir lech gären op follgender Adress mellen:

**apekopstalbridel@gmail.com**



Kannerfuesbal, 2024




Chrëschtmaart, 2023



Schoulfest, 2022

GEMENGEN-TOUR 2024

# VU BUEDEM BAUZEN A BIOBAUEREN

e Film vum **Tom ALESCH**

Gemeng Kielen

Koplescht Briddel



## INVITATIOUN

Projektioun vum Film
Donneschdes,
den **23. Mee**
um **19.00 Auer**
am **Festsall** zu **Ollem**

10, rue de Capellen
L-8323 Olm.

**Ouni Reservatioun.**

Dokumentarfilm | Längt: 88 min.
Original Versioun LU / st FR & AN

Fir weider Informatiounen, scannt dëse Qr-Code oder gitt op biobauzen.lu

Vereenegung Biolandwirtschaft Lëtzebuerg asbl – Bio – demeter · OIKOPOLIS Groupe · OIKOPOLIS Foundation Luxembourg · Cactus · Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte · Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg · Winner Agrofilm Film Festival Nitra 2023

# STAGE D'INTRODUCTION À LA PERMACULTURE

## 18&19 MAI 2024 À ARLON (10H00 - 17H00)

### QU'EST-CE QUE LA PERMACULTURE ?

La permaculture va au-delà du simple jardinage. Venez découvrir le potentiel de ce système de conception écologique, développé il y a plus de 40 ans en Australie. C'est la synthèse regroupant les sciences de l'écologie, les connaissances indigènes, et les traditions agronomiques anciennes. La permaculture permet de réinventer nos lieux de vie de manière écologiquement soutenable et humaine.

### À QUI S'ADRESSE CETTE FORMATION ?

Ce cours est ouvert à toute personne désireuse de connaître et mettre en pratique la permaculture.

### CONTENU DE LA FORMATION

- Cadre de référence : Définition et histoire de la permaculture – Ethique et principes
- Méthodologies : Introduction à la conception (design) d'un site. Réappropriation du sens de l'observation et de l'ingéniosité. Design, zonage et secteurs.
- Écologie : Le sol, l'eau, l'énergie et leur gestion. Cultiver des légumes. Le compost. Les plantes pérennes.
- Permaculture humaine : Comment adapter la méthodologie de la permaculture au-delà du jardin. Villes en transition.
- Séances pratiques (liste indicative)

### COMMENT S'INSCRIRE?

- Envoyez un e-mail indiquant votre intérêt à participer à klimab@oeko.lu avec votre nom, adresse postale et numéro de téléphone. (Le nombre de participants est limité à 20, priorité aux résidents d'une commune Klima-Bündnis Lëtzebuerg.)
- Après validation de votre candidature, votre inscription sera définitive après avoir fait un don (non-remboursable !) de 50.-€ sur le compte de l'ASTM (Action Solidarité Tiers Monde) au profit du projet MASIPAG.

Communication : « Don MASIPAG – Stage Permaculture »

**ASTM – CCPLLULL LU76 1111 0099 9096 0000**







ORGANISÉ PAR KLIMABÜNDNIS
ANIMÉ PAR KATY FOX (WWW.MYCELIUM.LU)

Klima-Bündnis Lëtzebuerg

AKTIVITÉITEN & KULTUR

# Retrospektiv - Vergaange Manifestatiounen Dezember 2023 bis Februar 2024

### Chrëschtfeier – Amiperas Kopstal/ Bridel – 16.12.2023

E Samschdeg, de 16. Dezember hat d'Amiperas Koplescht/Briddel hir traditionell Chrëschtfeier um Briddel an der Sportshal. Et goufe Jubilare geéiert an zwar:
94 Joer: HAAS-WEYDERT Hilda. 91 Joer: AREND-BACKES Laure. 90 Joer: FERO-FRIEDEN Marie-Josette, THEATO-BERTOLO Anny. 85 Joer: FAUTSCH-GRINGOR Denise. 75 Joer: PRUMBAUM-EWEN Marie-Jeanne, WILHELM-MEYERS Edmée.
Och de Weihnachtsmann huet sech et net huele gelooss laanscht ze kommen an all d'Memberen ze beschenken.

Foto 1 & Text: Amiperas Kopstal/Bridel

### Scheckiwwerreechung - Crèche Botterblumm – 18.12.2023

Großartiges Zeichen der Solidarität - Spende der Crèche Botterblumm Bridel für benachteiligte Kinder

Ein starkes Echo fanden in den diesjährigen Adventstagen die Direktionsbeauftragte Muriel Jeitz und die beigeordnete Beauftragte Michèle Nilles der Kinder-Betreuungsstruktur Botterblumm in Bridel, als sie Crèche intern einen Aufruf zu einer Spendenaktion für benachteiligte Kinder in Luxemburg starteten. Wissend, dass viele schon aktiv engagiert sind, wollten die beiden Damen nochmal einen gemeinsamen Anschub geben. Alle Mitarbeiter, von den Erzieherinnen bis zum Koch sowie den Eltern der in der Crèche betreuten Kids haben sich im Zeichen der Menschlichkeit solidarisch gezeigt und die Aktion tatkräftig und motiviert unterstützt. So wurden zum Beispiel gebastelt, gebacken, einen besonderen Wintermarkt und Kuchenbasar im Haus veranstaltet, die Arbeiten zum Verkauf angeboten und Spenden gesammelt. Das beispiellose Engagement brachte die stolze Summe von 660 Euro zusammen.

Dieser Tage überreichten die Verantwortlichen den Erlös an die Sekretärin Maria Cristina Piticco der Vereinigung „Le Rêve du Petit Prince". Hinter dem klangvollen Namen stehen vielerlei Hilfsprojekte, die Kinder in besonders schwierigen physischen oder psychischen Situationen in den Blick nehmen und ihnen gezielt angepasste Therapien ermöglichen. In ihren Dankesworten erklärte Maria Cristina Piticco, dass vor allem die tiergestützten Maßnahmen die persönliche Entwicklung fördern und verstärkt den Kindern bei der Bewältigung von Beeinträchtigungen oder gesundheitlichen Problemen helfen. Die Präsidentin der Crèche-Trägervereinigung „Freed um Liewen" Nicole Kuhn-Di Centa sagte sich erfreut über die gelebte Solidarität des Foyers de Jour-Mitarbeiterteams.

Foto 2 & Text: Crèche Botterblumm

### Reunioun am Inneministère – 10.01.2024

Am Kader vum Bau vun der neier Schoul um Briddel, war de Schäfferot den 10. Januar 2024 am Inneministère, wou souwuel Vertrieder vum Finanzdepartement vum Inneministère ewéi och Vertrieder vum Educatiounsministère dobäi waren. An de Gespréicher goung et ëm d'Demande de Subside fir de Finanzement vun dësem Bauprojet. De Chantier soll dëst Joer am Juli ufänken.

Foto 3: Service Technique

### Elterenowend an Organisatioun vun der pedagogescher Kolonie op Malta - Jugendhaus Briddel – 12.01.2024

Den organiséierten Elterenowend vum 12.01.24 am Jugendhaus Briddel war e flotten Echange an der Zesummenaarbecht tëschent de Jugendaarbechter, de Jonken an den Elteren. Mat der aktiver Participatioun vun de Jugendlechen, gouf den Elteren d'Méiglechkeet gebueden, den Oflaf an d'Konzept vun der Kolonie op Malta ze erklären. Den Owend huet mat enger Presentatioun ugefaangen a war eng flott Geleeënheet fir d'Elteren de genaue Programm vun der Rees ze entdecken.

D'Elteren hunn eng Rei vu Froe gestallt, déi vun den Erzéier an och vun de Jugendleche selwer beäntwert goufen. D'Participatioun vun de Jugendlechen an de Planungsprozess vun der Kolonie huet et erméiglecht eng gewësse Sécherheet a Vertraue bei den Elteren ze bewierken. Un der Kolonie huelen eng stolz Unzuel vun 12 Jugendlecher deel, sou wéi och all d' Educateuren.

D'Team vum Jugendhaus Briddel bedankt sech bei all de Bedeelegte fir hir aktiv Participatioun a freet sech op een erfollegräichen Openthalt op Malta mat der ganzer Ekipp an de Jugendlechen.

Foto 4 & Text: Jugendhaus Briddel

### Indoor Tournoi Dammen – FC Kopstal 33- 14.01.2024

De 14. Januar 2024 huet den FC Kopstal 33 zesumme mat der Jugendkommissioun zwee FLF Indoor Tournoien an der Briddeler Sportshal organiséiert. Hei stoungen d'Meederchers- an d'Dammen-Ekippen am Mëttelpunkt, an eng sëlleg Zuschauer sinn deen Dag och kucke komm fir d'Spillerinnen unzefeieren an ee flotten Dag ze verbréngen.

Fotoen 5-7: FC Kopstal 33

## Neijoerschpatt – 18.01.2024

Den 18. Januar war de Gemengerot, d'Gemengepersonal, d'Schoulpersonal, d'Memberen aus sämtleche Kommissiounen a lokale Veräiner op den Neijoerschpatt vun der Gemeng invitéiert. D'Invitéeën haten ee gesellegen Owend a konnten sech iwwert d'Iddien a Projeten am Interêt vun eiser Gemeng austauschen an domadder gutt an dat neit Joer starten.

Fotoen 8-14: Max Staus

## Cabaret – Uerdnung muss sinn, de Kmio spréngt aus der Këscht – Kulturasbl – 19.01.2024

Den 19. Januar hat d'Kulturasbl d'One Man Show „Uerdnung muss sinn – de Kmio spréngt aus der Këscht" vum Christian Kmiotek am Kulturhaus organiséiert. Et war ee flotten Owend un deem méi ewéi 40 Leit deelgeholl hunn. D'Kulturasbl ass frou Iech an den nächste Méint ee weiderhi flotten an villsäitege Programm am renovéierte Kulturhaus ze proposéieren. D'Eventer gi punktuell op der Facebook Säit vun der Kulturasbl annoncéiert:
https://www.facebook.com/KulturasblKopstal/

Fotoen 15-16 & Text: Kulturasbl Kopstal Bridel

## Informatiounsowend iwwert de Reamenagement vun der rue Lucien Wercollier – 21.01.2024

De 24. Januar waren d'Awunner vun der Rue Lucien Wercollier a vun den Nopeschstroossen op een Informatiounsowend agelueden. De Bureau d'études Schroeder & Associés huet de Projet an d'Konzept fir den zukünftege Reamenagement vun der rue Lucien Wercollier virgestallt.
Op eisem Site kënnt Dir Iech d'Presentatioun an d'Pläng ukucken:
https://www.kopstal.lu/?p=8260

Fotoen 17-18: Service Technique

## Formatioun "Méi Beem an eise Stroossen an ëffentleche Plazen" – 31.01.2024

D'Gäertnerekipp esou wéi d'Mataarbechter aus dem Service Technique hunn Enn Januar um Fachseminar "Méi Beem an eise Stroossen an ëffentleche Plazen", dee vum Mouvement écologique a vum Oekozenter Pafendall organiséiert gouf, deelgeholl. Um Programm vum Fachseminar stounge Presentatiounen zu folgenden Themen am Mëttelpunkt: "Erfolgreiche Baumpflanzungen in Zeiten der Klimakrise" an "Praxiserfahrungen aus der Sicht der Straßenbauverwaltung". Ergänzend dozou hu Vertrieder aus der Stad Lëtzebuerg an der Gemeng Diddeleng hir Erfarungen unhand vu Projeten a Beispiller presentéiert.

Foto 22: Service Technique

## Aktioun Chrëschtpäck fir Familljen an Osteuropa - Kanner a Familljenhëllef a.s.b.l. – Januar 2024

Ee grousse Merci all deenen, déi bei der Chrëschtpäckaktioun matgemaach hunn. An eise Gemengen ass vill gesammelt ginn, vu Lëtzebuerg sinn 2 Camione mat am Ganzen 2921 Liewensmëttelpäck a villen aneren Artikelen op Bocsa (Rumänien) a Lutsk (Ukrain)gefuer, wou alles gutt ukomm ass, an duerch "Osteuropahilfe" an duerch "Mission Help" verdeelt ginn ass. Villmools Merci fir all Päck, Spillsaachen, Baby-a Kannerartikelen, Strécksaachen, Kleeder, Decken, Geldspenden an Iwwerweisungen un dës Hëllefsorganisatiounen.

Fotoen 19-20 & Text: Kanner a Familljenhëllef a.s.b.l.

## Generalversammlung – Amiperas Kopstal/Bridel – 24.02.2024

Viru Kuerzem hat d'Amiperas Koplescht/Briddel hir uerdentlech Generalversammlung. Eis Presidentin Annette Baudot war dës Kéier verhënnert. De Sekretär Ady Becker huet iwwert d'Aktivitéite vum Joer 2023 bericht an de Caissier Camille Graas huet e ganz detailléierte Finanzbericht presentéiert. Et goufen och Membere fir hir gutt Hëllef am Service mat engem schéine Cadeau geéiert. Mat gudder Stëmmung goung d'Versammlung mat Kaffi, Kuch a Fueskichelcher weider.

Foto 21 & Text: Amiperas Kopstal/Bridel

## Fuesbal - 03.02.2024

Den 3. Februar war de Kannerfuesbal um Briddel. Vill Kanner ware mat hiren Elteren do an hunn ee flotten Nomëtte mat spillereschen Aktivitéiten an ausgefalene Kostümer verbruecht. Fir leckert Iessen a Gedrénks hunn d'Elterevereenegung an d'Jugendhaus Briddel gesuergt.

Fotoen 24-29: Max Staus

## Buergbrennen - 17.02.2024

Samschdeg, de 17. Februar, war zu Koplescht dat traditionellt Buergbrennen. Vill Awunner aus der Gemeng sinn zesummekomm fir de Wanter ze verdreiwen. De Service régie, esouwéi d'AESA Scouten an d'Jugendhaus Briddel hunn dozou bäigedroe fir aus dem dësjärege Buergbrennen ee flott Event ze maachen.

Fotoen 30-40: Max Staus

## UGDA Museksschoul Diplomiwwerreechung– 24.02.2024

De 24. Februar war déi national Diplomiwwerreechung vun der UGDA Museksschoul am European Convention Center wou och Schüler aus Koplescht ausgezeechent goufen.

Foto 41: UGDA Museksschoul,
J.M. "Lupo" Ludowicy - lupo.lu


1


2



8


9



10


3


4


11



12


13


14



5


6


7


15


16


17


18


19


20


21



22


25


26


27


28


23


24


29


30


31



37


38



39


40


32


33


34



41


35


36

# ACHTUNG VOR BETRUG !

POLICE LËTZEBUERG

In den letzten Jahren sind Betrugsmaschen immer häufiger geworden. Und die Betrüger lassen sich immer wieder neue Tricks einfallen, um ihren Opfern das Geld aus der Tasche zu ziehen. Lassen Sie sich nicht täuschen!

## ONLINE- ODER TELEFONBETRUG



- Haben Sie ungefragt eine Nachricht erhalten, in der Sie aufgefordert werden, Ihre Bankdaten mitzuteilen?
- Erhielten sie einen Anruf einer Person, die behauptet, mit Ihnen verwandt und in Not zu sein und dringend Geld zu brauchen?
- Haben Sie in sozialen Netzwerken ein lukratives Angebot zum Kauf eines Produkts gesehen oder hat jemand Sie über ein solches Netzwerk kontaktiert, um Sie an einer Geldinvestition zu beteiligen?

## ACHTUNG!

- Wenn eine Person Sie nachdrücklich nach Geld, Wertsachen oder einer Kaution fragt und Sie unter Druck setzt, geben Sie nicht nach.
- Geben Sie niemals persönliche Informationen oder Bankdaten weiter, wenn eine Person Sie per E-Mail, SMS oder über einen anderen Nachrichtendienst darum gebeten hat.
- Klicken Sie niemals auf einen Link, den eine unbekannte Person Ihnen geschickt hat.
- Wenn Sie Zweifel an der Herkunft einer Nachricht haben, wenden Sie sich an die betreffende Bank, Firma oder Behörde, um die Echtheit der Nachricht zu überprüfen.

113 NOTRUF

**Wenn Sie Opfer eines Betrugs geworden sind, wenden Sie sich so schnell wie möglich an die Polizei, damit die notwendigen Schritte eingeleitet werden können.**

WWW.POLICE.LU

ZESUMME FIR IECH

# Praktesch Informatiounen

## BIERGERZENTER

**1-3 rue Nicolas Goedert**
**L-8133 Bridel**

**Ëffnungszäiten:**
méindes bis freides vun
7h30-12h00 an 13h00-16h00

RÉCEPTION
27 3 27 - 222
population@kopstal.lu

BUREAU DE LA POPULATION
27 3 27 - 222
population@kopstal.lu

SERVICE ENSEIGNEMENT
27 3 27 - 203
population@kopstal.lu

SERVICE DE MÉDIATION
mediation@kopstal.lu

## MAIRIE

**28, rue de Saeul**
**L-8189 Kopstal**

SECRÉTARIAT COMMUNAL
27 3 27 - 305
secretariat@kopstal.lu

RECETTE COMMUNALE
27 3 27 - 401
recette@kopstal.lu

COMPTABILITÉ COMMUNALE ET RESSOURCES HUMAINES
27 3 27 - 303 | - 304
facturation@kopstal.lu

COMMUNICATION ET RELATIONS PUBLIQUES
27 3 27 - 302 | - 306
communication@kopstal.lu

## SERVICE TECHNIQUE

**22, rue de Luxembourg**
**L-8184 Kopstal**

SERVICE TECHNIQUE
27 3 27 - 503 | - 501 | - 507 | - 508
servicetechnique@kopstal.lu

SERVICE DES EAUX
661 402 328 ou 661 402 329
eau@kopstal.lu

## CONCIERGERIE COMMUNALE

**76, rue de Luxembourg**
**L-8189 Kopstal**
27 3 27 - 327
conciergerie@kopstal.lu

**Ëffnungszäiten:**
méindes bis freides vun
13h00-19h00

## AUTRES CONTACTS

CIS Kopstal
49771 - 3450
ciskop-cadre@cgdis.lu

PERMANENCE SOCIALE
Ines Figueiredo
26 11 37-31 | 621 267 162
ines.figueiredo@oscmamer.lu

CIGL KOPSTAL-BRIDEL ASBL
26 10 35 19

KOBRIBUS (Service Ruffbus)
27 327 - 333

MAISON RELAIS BRIDEL
27 3 27 - 800
mre@kopstalschoulen.lu
www.maisonrelais-bridel.lu
Adresse : 4, rue Gerden |
L-8132 Bridel

PRÉPOSÉ DE LA NATURE ET DES FORÊTS
Daniel Steichen
621 202 116
daniel.steichen@anf.etat.lu




Administration communale de Kopstal
28, Rue de Saeul
L-8189 Kopstal
**www.kopstal.lu**
CommunedeKopstal